Grand-Duché de Luxembourg

Ministère de la
Promotion Féminine

L-2921 Luxembourg

Luxembourg , le 26 MAI 2003



No/réf: 518
Affaire suivie par Isabelle Klein
Tel: 478 58 11

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le: 28 MAI 2003	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Ministère d'Etat
Monsieur François Biltgen
Ministre aux Relations avec le
Parlement
Luxembourg

Concerne: Question parlementaire No 2160 de l'honorable Député Monsieur Aly Jaerling

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire No 2160 de l'honorable Député Monsieur Aly Jaerling.

Je vous prie de bien vouloir la faire continuer à Monsieur Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de la Promotion Féminine,

Marie-Josée Jacobs

Äntwert op d'Parlamentaresch Ufro N° 2160 vum 25. am Fréileng 2003, gestallt vum Här Députéierten Aly Jaerling.

Als Äntwert op Är parlamentaresch Ufro vum 25. am Fréileng 2003 well ech folgendes festhalen :

Een Zil vun dëser Regierung ass et konsequent géint d'Gewalt an eiser Gesellschaft virzegoen. D'Regierungserklärung vun 1999 hält fest, datt e Gesetz géint häuslech Gewalt kënnt, an datt do deen d'Gewalt ausübt aus dem Haus ausgewise ka ginn. Ausserdem ginn d'Strofe gehéicht.
Firwat : d'Gewalt am Stot ënnerlung joerelaang engem Tabu.
Wann doheem geschloe ginn ass, war dat e private Familljesträit. Fir op dëse Mëssstand opmierksam ze man, huet de Ministère op der enger Säit e Gesetzesprojet ausgeschafft an deen 2001 déposéiert.
Parallel leeft zënter 1999 eng Campagne géint d'Gewalt géint d'Fraen a Kanner, déi vu villen Associatioune gedroen an ënnerstëtzt gëtt, dorënner och reliéiser. D'Kathoulesch Kierch steet op der Säit vun deenen déi Ënnerstëtzung brauchen an am Fall vun häuslecher Gewalt sinn dat ouni Fro an éischter Stell déi Persounen, déi dës Delikter erdroë mussen.

D'Männer kënnen och häuslech Gewalt erleiden, fir si gëllt dann datselwecht wéi fir d'Fraen.

Et ass mir en Haaptuleies, datt d'Männer sech bewosst ginn, datt mer hei mat engem méi spezifesche Männerproblem ze dinn hunn, deen een net méi soll verheemlechen. Vill Männer huele ganz kloer Positioun géint d'Gewalt, an ënnerstëtzen eis Campagne a fille sech net ugegraff.

Hei e puer Zuele fir z'ënnerleeën.
International Statistiken erginn, datt 1 Fra vu 5 an hirem Liewe Gewalt vun hirem Partner erdréit. Zuelen aus Éissträich vun 2002 wou schonn zënter 1997 e Gesetz géint häuslech Gewalt besteet, weisen, datt 95% vun den Opfer Frae sinn, an datt 95% vun den Täter Männer sinn. Mir hunn et hei scho ganz kloer mat enger 'Gender' Problematik ze dinn.

Et ass wouer, datt 75% vun alle Gewaltdelikter d'Opfer Männer sinn, an datt hei 98% Täter och Männer sinn. Duerfir ass et ganz erstaunlech datt Aktiounen déi op spezifesch Gewaltproblematiken an der Gesellschaft opmierksam maache sollen hei als 'Hetzcampagne' ofgestempelt ginn.

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
02 JUIN 2003